Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.

Eng medezinesch Kontroll an engem Centre médico-spotif ass eng noutwenneg Viraussetzung fir zu Lëtzebuerg eng Lizenz fir de competitven Sport ze kréien. Fir motivéierte Sportler hiren Elan net ze huelen, ass et wichteg, datt Persounen, déi eng Demande fir esou eng Lizenz areeche wëllen, séier e Rendezvous bei engem Dokter kenne kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Persoune sinn am Joer 2018 – opgeschlësselt no Zenter – bei engem Dokter vum Centre médico-sportif passéiert?
- Wéi vill Persounen kéinten – opgeschlësselt no Zenter – pro Mount maximal beim Centre médico-sportif passéiren?
- Wéi vill Zäit louch 2018 an der Moyenne – opgeschlësselt no Zenter a Mount – tëscht dem Huelen vum Rendezvous an der tatsächlecher Visitt beim Dokter vum Centre médico-sportif?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député